MINISTÈRE DE L'ÉGALITÉ DES CHANCES

Allocution de Françoise Hetto-Gaasch, ministre de l'Égalité des chances

***Seul le discours prononcé fait foi***

Table ronde du 7 mars 2012

*Banal / Legal / Skandal ?*
*Wéi d'Medien eis d'Bild vu Fraen a Männer prägen*

Dir Dammen an dir Häeren
Léif Partenairen, Léif Gäscht

*Wéi prägen d'Medien eist Bild vu Fraen a Männer? Dat ass dei Fro déi mir eis haut den Owend am Kader vun dëser Table ronde wëlle stellen, um V**iirowend vum Weltfraendag**.*

*Den internationalen Dag fir d'Fraen ass och fir de Chancegläichheetsministère e **wichtegen Datum**, well **Fraen** stin am Mëttelpunkt vu villen vun eisen Aktiounen.*

***Mee** Gläichstellung vu Fraen a Männer gët awer eréicht matt der **aktiver Bedeelegung** an der **komplémentarer Siichtweis** vun deenen **zwee** Geschlechter méiglech.*
*Als Ministère vun der Chancegläichheet schwätze mir dofir bewosst Fraen **a Männer** unn, och – a vläicht grad - am Kader vun esou engem Dag.*

***Firwat elo haut den Owend dëse "Mega" Interesse un de Medien ?***

De Chancegläichheetsministère gesäit als eng vu sénge prioritären Aufgaben **d'Sensibiliséierung fir d'Gläichstellung** vu Fraen a Männer. Mir hun di selweschte Rechter an och di selwecht Pflichten an de Stat soll och alles drusezen fir dësst **Grondrecht** am Liewen vun de Leit ëmzesetzen. Dofir gouf dëst Prinzip och an eiser Constitutioun verankert.

A ville Beräicher gesi mir **eng positiv Entwécklung** vun der **Gläichstellung** vu Fraen a Männer an der Gesellschaft och wann et nach **signifikant Ënnerscheeder** get.

**Deelweis** sin dëss Ënnerscheeder doduerch z'erklären, dass **traditionnell Rollebiller oder rigid Verhalensmusteren** nach vill an eise Käpp verankert sin.
Et si vereinfacht Viirstellung dovunner wéi eng Fra oder wéi e Mann ze sinn huet.

**Eis Gesellschaft ass eng Mediëgesellschaft**. Medien erzielen vu Fraen a vu Männer. Si weisen se a schwätzen iwwert se.

Fraen a Männer ginn awer net nëmmen an de Medien duergestallt, mee dëss Medien **reproduzéieren** och **Viirstellungen doriwwer wéi Fraen a Männer ze sin hun**.

Medien definéieren **Männlechkeet a Weiblechkeet** a gräifen dofir dacks op traditionell Geschlechterbiller zréck.

**Fraen** gin dacks op **wéineg Rollen reduzéiert**. Studien iwwert d'Geschlechteropdeelung **an der Presse** weisen, datt Fraen zb. als Expertinnen wéineg vertrueden sin.
Fraen gin eischter an engem generellen oder **familiäre Kontext** gewisen, **Männer** dogéint awer an der Villfältegkeet vun hiere Funktiounen, an am **professionnelle Kader**.

**An der Publicitéit** stellen d'Fraen virun allem e jonken an **attraktive Bléckfang** fir Produktwerbung duer. Och an der Werbung bleift de Mann dann éischter a sénger Roll vum aktiven Entscheedungsträger.

Mee et fënnt een och aner Rollerbiller vum Mann, zum Beispill wann et ëm de familiäre Kader geet.

De **Soziolog Eric Macé** huet am Frankräich eng Etude gemaach wéi Männer als Familiepappen an der Werbung duergestallt gin. Dobai kënnt eraus, datt de Mann dacks aus dem Kontext vu Kanner a Famill erausgehale get. Wann en **dann abezu get**, da meeschtens fir ze weisen, dass ën sénger Roll net gewuess ass. Wéi hei op deser Annonce:

# La réassurance viriliste




Source : Eric Macé, Les pères dans la publicité, une analyse des stéréotypes à l'oeuvre

De jonke Papp kritt séng Lieblingszeitung par abonnement a kann domadder endlech enger méi **männlecher Beschäftegung** nogoen. Wéi der hei op der Photo gesid, get dee Klengen ze fidderen allerdings dann eng richteg Katastroph. De Mann kann net zwou Saache matteneen maachen an Zeitungliesen ass eben méi wichteg.

Ech froen Iech : Géif dess Annonce och **matt enger Mamm** funktionéieren?
Ech denken net, well dat net eiser Viirstellung vun der Mamm entsprecht.

*Et gët erwaart, dass d'Mamm méi Geschéck mam Kand huet, genee sou wéi ugeholl gët, dass de Papp d'office un sou enger* ***weiblecher Beschäftegung*** *scheitere muss, ebe* ***well*** *en ë Mann ass.*

Mir hun do eis fest Rollebiller am Kapp déi dann och esou an der Werbung funktionnéieren.

Iwwerall gi Clichéeë benotzt. Virun allem an der **Publicitéit.**

D'Fra huet do virun allem **schéin** ze sinn**. Mee wat ass dat fir eng Schéinheet?**

Mir gin vun alle Säiten bombardéiert matt Biller déi eis di ideal **Kierpermoossen** stänneg virun Ae féieren.

Déi Idealer féieren vill Jugendlecher, virun allem Meedecher, dozou, Honger ze leiden. D'**Anorexie** as bei villen Jonken e Problem gin. Mee och

Erwuesener loossen sech vun dësem Schéinheetsideal beaflossen an et get eng ganz Industrie déi souzesoen un eiser **Obsessioun vum perfekte Kierper** verdéngt:; iwwer Diätprogrammer, Fitnesstraining, kosmeteschë Wonnercrèmen, bis zur Botox-Behandlungen a schliesslech der Schéinheetschirurgie.

## Les effets sur notre vision de la beauté





*Source : http://www.mediasmart.org.uk/*

Um **Computer** kann een d'Bild vu jidderengem veränneren, datt en an däss Schablounen erapasst an et muss ee sech froen wéi wäit dat alles op eis ën Afloss huet ? Wéi steet et mat eisem eegene **Wertgefill** wa mir stänneg di „perfekt Schéinheet" gewise kréien?

An deem Zësummenhang ass di **Campagne vun DOVE** déi virun e puer Joer lancéiert gouf besonnesch interessant well si eben just dat Schéinheetsideal thematiséiert huet :

Vidéo http://www.youtube.com/watch?v=iYhCn0jf46U

Medien, am wäiteste Sënn, iwwerhuelen **gemenkerhand zwou Aufgaben:**

1. si spigelen **bestoënd Werter** a **gesellschaftlech Astellungen** erem : well et kann een nëmmen déi Messagen a Biller verstoen déi ee virdrunn schon verënnerlecht huet;

2. si droen zu eiser Sozialisatioun bäi a léieren eis wéi ee sech richteg verhält, si léieren eis wat modern,ass, watt „in" ass, asw;

Mee **et bleift jo dacks net bei Clichéeën a traditionnelle Rollebiller.**

Et get och **verletzend a diskriminatoresch** Duerstellungen, bis hin zu **pornografeschen** Elementer déi beim Lieser oder Zuschauer Reizer sollen ausléisen fir datt hien/oder si e Produkt keeft, e Magazin liest, eng Sendung oder ë Film kuckt, e Videospill keeft, asw.

Duerch **d'Vervillfältegung** an **d'Widderhuelung** gin dëss Duerstellungen "légitiméiert", bis et schliesslech zu enger **Désensibiliséierung** kënnt.

Virun allem um Niveau vu **sexistescher Werbung** get d'Hemmschwell ëmmer méi déif a vill Leit réagéieren net méi op Biller an Texter déi nach virun 10 Joer fir grouss Opreegung gesuergt hätten.

Sexistesch an negativ Messagen gin dacks "**bagatelliséiert**" well een se och iwwerall gesäit an dëss Vervillfältegung get gläichgesat mat engem **soziale Konsens** doriwwer wat **acceptabel ass a wat net.**

Wéi wàit sin eis **di medial Rollebiller, an dacks eeseiteg Duerstellungen** nach bewosst? Wéi wäit si mir nach sensibel op Sexismus oder och Gewalt an de Medien ? Wat kann ee maachen wann een sech irritéiert fillt?

Dat si Froen iwwer déi mir haut den Owend wëlle schwätzen.

***<u>Wat wëlle mir mat dëser Table ronde erreechen ?</u>***

Dir Dammen an dir Häeren, de Chancegläichheetsministère wëll duerch esou ëffentlech Diskussionsronnë méi Bewosstsäin schaafen iwwert di medial Geschlechterbiller well dëss Biller **eis Identitéit als Fraen a** Männer matprägen. An dacks **<u>méi</u> wéi mir selwer dat mengen**.

Et soll méi driwwer geschwat gin wat Stéréotypen duerstellen. Et soll een sech kritesch domadder auserеneesetzen, an och **Kritik** üben wann et engem noutwänneg erschéngt.

Medien **schaffe global** - si sinn iwwerall an an all Stot, a si sin aus eisem Liewen net méi ewegzedenken - mee **hier Wirkung ass lokal, hier Messagen an hier Biller wirken an eise Käpp. Si beaflossen wéi mir eis gesin.** Dofir ass et och **noutwänneg fir bewosst** mei positiv Biller ze verbreeden, Männer a Fraen einfach besser duerzestellen.

Ech freeë mech dofir elo op eng ureegend Gespréichsronn an ech wënschen iech all ën interessanten a flotten Owend.

Ech soen Iech **Merci** fir d'Nolauschteren.